# Lokomotiv

Guy Engels

D'Saison 2009/2010, déi lues awer sécher op en Enn geet, war alt nees emol eng ganz intressant an och eng spannend. Spannend war an deene leschte Woche vrun allem d'Fro, watfir ee Zeenario sech déi islännesch Äschewollek nees géing ausdenken, fir och am Museksliewen ee gehéieregen Duercherneen ze provozéieren.

Op musekaleschem Niveau konnt ee sech eigentlech net bekloen. Et ass jo och mëttlerweil keng Sensatioun méi, wa grouss Nimm sech an der Philharmonie d'Klensch an de Grapp drécken. No 5 Joer Existenz huet d'Concertshaus um Kierchbierg wuel näischt vu senger Attraktivitéit verluer, mä den Aha-Effekt, deen Optrëtt vun engem Lorin Maazel, vun de Wiener Philharmoniker asw. bis elo ëmmer ausgeléist hat, ass verpufft. Dat ass awer ganz normal. Wann et anescht wär, dann hätt sech de groussen, joerelaangen Engagement fir de Bau vun engem moderne Concertshaus net gelount. Da wär d'Museksliewen zu Lëtzebuerg a senger europäescher an internationaler Dimensioun kee Schratt virukomm.

D'Philharmonie ass eng richteg Lokomotiv gi mat vill Damp am Kessel. Déi Lokomotiv huet alles matgezunn, wat se unhänken hat – allerdéngs mat enger Kraaft a mat enger Vitesse, déi verschidde Waggonen net mathale konnten.

Hei an do gouf dann och emol een ofgehaangen oder ausrangéiert.

Dat ass natierlech ëmmer batter fir deen Eenzelnen, mä wann ee sech kulturpolitesch fir eng Professionaliséierung vum Museksliewen entscheet, da ginn net iwwerall Jubelarien gesongen.

No 5 Joer rullt den Zuch, an e brauch ëmmer erëm frësch Wuer, fir d'Feier um Brennen ze halen. Déi nächst Saison mécht d'Philharmonie eng nach méi eng Zesummenaarbecht mat de Soirées de Luxembourg. D'Jeunesses musicales, déi dëse Zyklus bis dato organiséiert hunn, zéie sech zum Deel als Concertsorganisateur zréck a konzentréieren sech méi speziell op hier pädagogesch Projeten. Well och hei schléift d'Konkurrenz net. D'Associatioun muss sech also nei a gutt positionéieren, wann se nach wëll Zukunftsperspektiven hunn.

E Revirement gouf et och bei de Solistes Européens Luxembourg, deem de Public an der Lescht net méi esou trei war.

Déi üblech Geschäftsmechanismen hunn also missen ugekierpt ginn, an ausgerechent am Joer vum 20. Gebuertsdag hu se hirem Grënnerdirigent d'Baguette aus der Hand geholl a se engem neie Chef iwwerginn, deen bei senge puer Optrëtt bis elo schonn däitlech seng Philosophie ënnerstrach huet. Ze notéieren ass dobäi, datt d'Solistes Européens elo wéi ee normalen Orchester funktionnéieren, mat engem Chefdirigent awer och mat „Chefs invités", déi geleeëntlech emol nei Iddie mat erabréngen. Am Zeeche vun deem Neiopbroch soll och d'European Music Academy Schengen reaniméiert ginn.

Ganz aner Suergen huet de Philharmoneschen Orchester Lëtzebuerg – nämlech dee vun enger siichtbarer Präsenz an der Philharmonie – an dat als Orchestre en résidence. Dat gëtt vum Haus nach ewell gären iwwersinn. An der auslännescher Fachpresse fënnt ee regelméisseg schéi grouss a faarweg An-

*Foto: Lou Schwartz*



*De Guy Engels ass Kulturredakter beim radio 100,7.*
*Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer*

nonce vun der Philharmonie mat all de musekalesche Gréissten a wichtegen Ensemblen, déi do an an aus ginn. Iergendwou ganz verschimmt stinn dann och déi dräi Buschtawen OPL – a gemengt ass net den Orchestre Philharmonique de Liège.

Hei gëtt ee konzeptuelle Fehler däitlech, deen zanter 2005 – zanter der Ouverture vun der Philharmonie – fir vill Gekréckels an der gesamter Machinerie suergt. Wéi ass d'Matenee vum Haus a sengem Residenzorchester optimal z'organiséieren? Mëttlerweil ass een Audit gemaacht ginn, iwwer deen déi bedeelegt Leit sech bis elo awer net wëllen äusseren. D'Politik muss leschtendlech tranchéieren – an dat ass kniwweleg genuch. Well et geet net nëmmen ëm zwou wichteg Kulturinstitutiounen, dohannert stinn och Leit a responsable Positiounen – an dat mécht d'Saach net onbedéngt méi einfach. ◆

radio 100,7 *Kulturchronik vum 11.5.2010*




*forum* freet sech mam Kyra Fischbach a mam Serge Tumba iwwert d'Gebuert den 8. Juni 2010 vum

**Lilly**

D'Redaktion wënscht der jonker Famill nemmen dat Bescht fir hier Zukunft.

**forum**

für Politik, Gesellschaft und Kultur

gegründet 1976
Herausgeber: *forum* a.s.b.l.
Durchschnittliche Auflage: 1 900 Expl.
10 Ausgaben im Jahr
ISSN 1680 - 2322

**Ständige Mitarbeiter**
Jean-Paul Barthel, Olivier John, Thomas Köhl, Michel Pauly, Christina Schürr, Jürgen Stoldt, Viviane Thill, Jean-Marie Wagner

**Koordination**
Lynn Herr, Bernard Thomas

**Autoren dieser Ausgabe**
Guy Engels, Fernand Fehlen, Claude Frentz, Josée Kirps, Raymond Klein, Serge Kollwelter, Jean Lamesch, Colette Mart, Bernard Michaux, Pia Oppel, Michel Pauly, Gilbert Pregno, Jay Schiltz, Yves Steichen, Jürgen Stoldt, Bernard Thomas, Raymond Weber

**Interviewpartner dieser Ausgabe**
Guy Dockendorf

**Originalillustrationen**
Olivier John, Carlo Schmitz

**Cover** Laure Tixier: „Plaid Houses", Mudam / Foto: Jean-Marie Wagner

**Druck** c.a.press, Esch/Alzette

Namentlich gezeichnete Artikel geben nicht unbedingt die Meinung der Redaktion wieder. Nachdruck und elektronische Verbreitung von *forum*-Beiträgen nur mit ausdrücklicher Genehmigung.
© 2010 by *forum* a.s.b.l.

**Bezugspreise**

| | |
|---|---|
| Einzelheft | 6 Euro |
| Jahresabonnement | 50 Euro |
| Jahresabonnement im Umschlag | 62 Euro |
| Studenten, Arbeitslose und Geschenkabonnements | 38 Euro |
| Jahresabonnement im Ausland | 62 Euro |

Überweisungen auf das *forum*-Postscheckkonto
IBAN LU83 1111 0611 5444 0000
mit dem Vermerk „Neuabo ab Nr …"
und vollständiger Adresse.

Wir danken der *forum*-Fördergemeinschaft und dem Ministère de la Culture für die finanzielle Unterstützung.

**1, rue Mohrfels**
**L-2158 Luxembourg**
**Tel.: 42 44 88 E-Mail: forum@pt.lu**
**Bürozeiten: Montag bis Freitag, 9-12 Uhr**

**www.forum.lu**